N°1256
Entrée le 11.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1256 vum 30 September 2024 vum honorabelen Députéierten Laurent Mosar zum Sujet "criminalité liée aux drogues"**

**Fro 1 an 3: Wéi vill Leit sinn an deene leschten 3 Méint am Garer Quartier festgeholl gi wéint Drogenhandel?**

**Wéi hunn dës Chiffere par Rapport zum Joer 2023 évoluéiert?**

An deene leschten 3 Méint (Juli/August/September vun 2024) konnten, duerch gréisser Aktioune vun der Police, am Garer Quartier, 59 Interpellatioune gemaach ginn.

Wann een déi Referenzperiod mat de selwechte Méint am vergaangene Joer mat dësem Joer vergläicht, sinn d'Interpellatioune vu 37 op 59 geklommen.

**Fro 2 : Wéi vill Leit sinn zanter Uganks dës Jores an a ronderëm de Garer Quartier wéinst Drogenhandel festgeholl ginn?**

Vum Ufank vum Joer bis de 24. September sinn 105 Festnamen wéinst Drogenhandel gemaach ginn an der Zone ronderëm de Garer Quartier, also Hollerech, Bouneweg an de Centre Hamilius, esou wei am Garer Quartier selwer.

**Fro 4 : A wéi ville vun dëse Fäll handelt et sech ëm Recidivisten?**

D'Police Grand-Ducale stellt fest, no Analys vun Interpellatiounen op déi lescht zwee Méint gekuckt, dass den Taux vu Recidivisten (am Sënn vu Persounen, déi op d'mannst schonn ee Mol verhaft gi waren an de leschten 18 Méint) bei praktesch 50% läit an dass dës Tendenz steigend ass.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN